Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.**

De perséinlechen Auto spillt am Beräich vun der Mobilitéit eng grouss Roll. Nieft dem klassesche Verbrenner ginn awer och d'Elektroautoen ëmmer méi populär. Fir dës Elektroautoe mussen ëmmer méi Luedborne geschaaft ginn, dëst souwuel am ëffentleche wéi och am private Raum. Am Ausland ginn et schonn eng ganz Rei un Temoignage vu Leit mat ageschränkter Mobilitéit, déi festgestallt hunn, dass vill Luedborne fir si guer net accessibel sinn, sief et zum Beispill, dass beim Rausklamme keng Plaz fir de Rollstull ass oder, dass si vum Rollstull aus net un d'Displayen vun de Borne kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt bei der Geneemegung vun neien Elektrobornen drop opgepasst, dass dës och fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit accessibel sinn, souwuel wat d'Plaz ronderëm d'Borne wéi och den Zougang zur Borne selwer ugeet? Wa nee, firwat net?

2. Ginn et Virgaben dozou, wéi déif en Display muss sinn, fir dass och Persounen am Rollstull dru kommen?
   Wa jo, wéi eng sinn dat? Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten